



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an der Madamm Minister fir d'Groussregioun op d'parlamentaresch Fro n° 5367 vum 9. Dezember 2021 vun den honorabelen Députéierten Här Paul Galles an Här Jean-Paul Schaaf.

Hunn déi Dammen an Häre Ministere Kenntnis vun deem beschriwwene Problem a wéi positionéiere si sech dozou ?

Gëtt et konkret Chifferen zu den Drogekonsumenten, déi aus dem noen Ausland reegelméisseg op Lëtzebuerg kommen?

Op Nofro hin kënnen déi Responsabel vun der Struktur Abrigado déi Informatioun, op déi sech déi honorabel Deputéierten bezeien, net confirméieren. An de leschten 12 Méint ass d'Zuel vun de Konsumenten déi an den Abrigado kommen, méi oder wéineger stabil bliwwen an et ass zu kengem Moment eng Erhéijung vun neien Clienten festgestallt ginn an och nët vun Clienten aus dem noen Ausland. Et sief dësweideren op d'parlamentaresch Fro n°3474 vun honorabelen Deputéierten Här Fred KEUP verwisen, vir méi detailléiert Informatiounen iwwert d'Hierkonft an de Wunnsätz vun de Clienten vum Abrigado ze kréien an d'Erhiewen vun den deementspriecheden Donnéeën.

Besteet en Austausch tëscht de respektive Structure fir Drogekonsumenten zu Lëtzebuerg an an der Grenzregioun?

Wa jo, mat wéi enge Structure fir Drogekonsumenten an der Groussregioun steet Lëtzebuerg a Kontakt?

Jo, deen Austausch besteet op villen Niveauen tëschent nationalen Aariichtungen an de Strukturen an de Grenzregiounen mat Stied ewéi Saarbrécken, Frankfurt, Léck, Stroossbuerg, Paräis an Tréier, deelweis an enger regelméisseg Form via en Aarbechtsgrupp vun den däitschsproochegen Konsumraumbedreier, respektiv en Aarbechtsgrupp vun deenen franséischsproochegen. Donieft besteet e regelméisseg Kontakt an Austausch mat deenen verschiddenen Konsumraumbedreier.

Dësweideren ass am November 2021 eng lëtzebueresch Delegatioun vun Verrieder aus dem Gesondheetsministère, der Gemeng Lëtzebuerg, dem Justizministère, dem Parquet, der Police Grand-Ducale an Verrieder vun spezialiséieren Aariichtungen op eng Aarbechts- an Austauschvisite op Frankfurt gefuer vir an der hei ugeschwatener Thematik Erfahrungen ze deelen a sech géigesäiteg auszutauschen. Während der zweedegeger Aarbechtsvisite si folgend Aariichtung besicht ginn:

Nachtcafé Frankfurt, Konsumraum Niddastraße, Methadon- und Heroinsubstitutionsprogramme Frankfurt, Substitutionsambulanz Grüne Straße an *Eastside*, déi gréissten nidderschwëlleg Drogenhëllefariichtung an der EU. En Austausch huet dann och stattfonnt mat Verrieder vun der Staatsanwaltschaft, der Landespolizei, der Stadtpolizei an dem Drogenreferat vun der Stad Frankfurt.



A wéi enge Stied oder gréisseren Agglomeratioune an eisen dräi Nopeschlänner befannen sech déi nächst Drogekonsumraim, déi mam Lëtzebuergger Modell vergläichbar sinn? Wat sinn hir Kapazitéiten a wéi si se equipéiert?

Am Emkrees vun 250 km vu Lëtzebuerg ginn et aktuell folgend superviséiert Drogenkonsumraim déi eng vergläichbar Offer wei Abrigado ubidden, mat folgenden Kapazitéiten:

Däitschland:

- Saarbrécken: 12 Plazen vir intravenöse Konsum, 4 Plazen vir inhalativen Konsum
- Bonn: 5 Plazen vir intravenöse Konsum, 3 Plazen vir inhalativen Konsum
- Köln: 3 Plazen vir intravenöse/inhalativen Konsum
- Frankfurt:
 - o *La Strada*: 7 Plazen vir intravenöse Konsum
 - o *Niddastrasse*: 12 Plazen vir intravenöse Konsum, 4 Plazen vir inhalativen Konsum
 - o *Elbestrasse*: 12 Plazen vir intravenöse Konsum, 5 Plazen vir inhalativen Konsum
 - o *Eastside*: 8 Plazen vir intravenöse Konsum, 2 Plazen vir inhalativen Konsum

Frankräich:

- Stroosbuerg: 8 Plazen vir intravenöse Konsum, 4 Plazen vir inhalativen Konsum

Belsch:

- Léck: 8 Plazen vir intravenöse Konsum, 12 Plazen vir inhalativen Konsum.

Wéi gesäit deen Austausch an der Praxis aus a wéi wierkt dee sech op d'Drogesituatioun zu Lëtzebuerg aus?

Et gëtt generell versicht gemeinsam Problemer ze identifizéieren an optiméiert Léisungsusätz ze fannen a géigesäiteg Erfahrungen an déi respektiv Aarbechtsfelder afléissen ze loossen. Et geet och dorëms en “échange de bonnes pratiques” ze förderen an en Aen op Verännerungen an der Offer vun Drogen, neien Substanzen an am Konsumverhalten ze halen vir op eventuell Evolutiounen sou gutt ewéi méiglech preparéiert ze sinn. Dëst geschitt iwwer Treffen an den respektiven Ariichtungen mee och iwwert Videokonferenzen an huet ëmmer als Ziel Problemer esou fréi ewéi méiglech ze erkennen, eng Äntwert drop ze fannen an den Encadrement vun de Betreffen ze optiméieren, wat sech deemno positiv op déi national Offer auswierkt.



A wéi engem Mooss gëtt bei der Drogepräventioun um Niveau vun der Groussregioun zesummegechafft?

Wat d'Zesummenaarbecht an der Groussregioun am Beräich Drogen- a Suchtpräventioun betrëfft sinn notamment folgend Initiativen, Collaboratiounen a Partneren ze erwänen:

- De *Groupe de Mondorf* deen 1992 an d'Liewe geruff ginn ass vir déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht am Beräich Suchtpräventioun ze erméiglechen an ze förderen. Déi interregional Partneren sinn folgend :
 - o Lëtzebuerg : Centre de Prévention National des Addictions (CNAPA),
 - o Däitschland: Drogenhilfe Saarbrücken GmbH", département consultation psychosociale; Caritas Westeifel e.V." Département Prévention aux Addictions (Bitburg/Allemagne);
 - o Belsch: ASL, Groupe de travail "Prévention aux addictions et stratégies de la gérance de la vie" (Eupen);
 - o Frankräich: Service en Amont Prévention des Toxicomanies CMSEA (Metz-Freyming).
- *MAG-Net*: Promotion à la Santé et Prévention aux Addictions à l'école et en loisirs,
- *MAG-Net 2*: Réduction de risques à destination du public à consommation récréative de drogues dans la Grande Région et sensibilisation des professionnels de la santé.

Folgend Coopérationspartneren sinn an deem Kontext ze ernimmen:

- o Lëtzebuerg: CNAPA
- o Däitschland: Gemeng Saarbrécken; d'Aktionsgemeinschaft Drogenberatung e.V." Saarbrécken; Landesinstitut für Präventives Handeln (Saarbrécken); Caritas Westeifel e.V., Bitburg; Suchtberatung Trier e.V.;
- o Frankräich : Centres de soins, d'accompagnement et de prévention en addictologie (CSAPA) "Les Wads" du CMSEA (Département de Moselle); Le Comité Mosellan de Sauvegarde de l'Enfance, de l'Adolescence et des Adultes (Lorraine);
- o Belsch: Le Centre d'Action Laïque de la Province du Luxembourg (Wallonie).

Weider Coopérationspartner an der Groussregioun sinn :

- o Streetwork Trier / Mobile Jugendeinrichtung Blue (Exzellenzhaus e.V.);
- o Landeszentrale für Gesundheitsförderung Rheinland-Pfalz, LZG, Mainz;
- o Wärmestube Saarbrücken.

An deem Kontext ass dann och den nationalen Suchtverband ze ernimmen, deen och an der Groussregioun aktiv ass bei ähnlechen Verbänn a Frankräich, der Belsch an an Däitschland.

Lëtzebuerg, den 6. Januar 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert